# Den LOQ mam LOD

8. Editioun: 12 Froen (Motto: Riedensaarten)

Mëttwoch, 27. Mee um 10 an um 16 Auer




# Wat ass en LOQ?

→ LOQ = Live-Ortho-Quiz

→ Test Äert orthografescht Wëssen.

→ Multiple-Choice-Froen

→ Spillt live géint aner Leit.




# Wat ass den LOD?

- → Lëtzebuerger Online Dictionnaire
- → E Service vum Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch (ZLS)
- → Ze fannen ënner www.lod.lu

# Testfro: Du méchs aus all Méck en ...

Elefant.

Ëlëfant.

0

# Weider geet et mam Ortho-Quiz!

12 Froen. Allkéiers 20 Sekonnen Zäit.
Prett? Dann haalt lech un!

# 1/12: Esou wéi een an de Bësch rifft, esou schaalt ...

ët erëm.

et erem.

et erëm.

0

# et erëm

- De Pronomen "et" kritt ni en Treema.
- "Erëm" kritt en Treema um leschten "e", well dëse betount ass.
  D'Wuert huet eng gemeinsam Originn mam däitschen "herum".

# 2/12: Déi Ligen do schléit dem Faass ...

| de Buerdem aus! ✗ | de Buedem aus! ✓ | de Buëdem aus! ✗ | de Buedem äus! ✗ |
|---|---|---|---|

0

# de Buedem aus

- → D'Wuert gëtt ouni "r" geschriwwen. Am Däitsche fënnt een och keen "r": Boden.
- → Den Duebelvokal "ue" kritt ni en Treema.
- → Den Duebelvokal "au" gëtt an dësem Fall ni "äu" geschriwwen.
- → Den "äu" gëtt "oi" gelies wéi bei "Äusserung" oder "täuschen".

# 3/12: Wien op d'... geet, deem seng Plaz vergeet.

Kiemes

Kiëmes

Kiermes

Kiermës

0

# Kiermes

→ "Kiermes" kritt en "r" wéi am Däitschen: Kirmes.
→ Den Duebelvokal "ie" kritt hei ni en Treema.
→ Den "e" hanne kritt keen Treema, well en onbetount ass.

# 4/12: Bei ... maachen ech keen A zou.

- ✗ Follmound
- ✗ Vollmount
- ✓ Vollmound

0

# Vollmound

- → "Vollmound" mat "d", well et am Däitschen och "Mond" ass.
- → D'Wuert "Mount" kritt awer en "t", wann et "Monat" bedeit.

# 5/12: Déi Schülerin huet hir gutt Resultater einfach aus dem Aarm ...

✓ geräselt.

✗ gerësselt.

✗ gerësëlt.

0

# gerëselt

- Mat engem "s", well de Laut mëll geschwat gëtt wéi bei "Iesel" an net haart wéi bei "Mëssel".
- Den "ë" kritt just an der betounter Silb en Treema.

# 6/12: Dat sëtzt him am Kapp ewéi ...

- ✗ agebrant.
- ✗ agebrand.
- ✓ agebrannt.
- ✗ agebrannd.

0

# agebrannt

→ Mat zwee "n" wéi an der Grondform "brennen".

→ Am Participe passé steet an dëse Fäll hannen en "t": gebrannt, geblutt, gedréckt, gelant.

# 7/12: Mat dengen ... kënns de bei mir net duerch!

Excuse | Excusë | Excuseë

0

# Excusë

- → Am Singulier ass den "e" hanne stomm: eng Excuse.
- → Bei der n-Reegel am Pluriel kritt den "e" en Treema, well en hei gelies gëtt: Excusë.
- → Ouni n-Reegel bleift den "e" am Pluriel orthografesch onverännert: zwou Excusen.

# 8/12: Dee Kärel geet mer ewéi en ...

Elefmeter.

Eeleëfmeter.

Eelefmeeter.

Eelefmeter.

0

# Eelefmeter

- De laangen "e" gëtt an enger betounter Silb verduebelt: beweegen, eelef, Theema.
- An der onbetounter Silb kritt den "e" keen Treema.
- "Meter" ass eng Ausnam vun dëser Reegel.
- Weider Ausnamen: Alphabet, Februar, Medien.

# 9/12: Wiem zu Éieren hues du dech esou ...

erausgefizt?

erausgefiitzt?

erausgefiizt?

0

# erausgefiizt

- "Fizen" kritt am Infinitiv een "i", well just ee Konsonant hannendrusteet.
- Am Participe passé "gefiizt" gëtt de laangen "i" verduebelt, well elo zwee Konsonanten hannendrustinn.
- Den "tz" steet just hannert engem kuerze Vokal: Witz, gewëtzt.

# 10/12: No eisem Ausfluch sinn d'Kanner ...

| ✗ | ✗ | ✓ | ✗ |
|---|---|---|---|
| emgefall an ausgelaf. | emgefall an ausgelaaf. | **ëmgefall an ausgelaf.** | ëmgefall an ausgelaaf. |

0

# ëmgefall an ausgelaf

- Wann "ëm" sech am Däitsche mat "um" iwwersetze léisst, kënnt en Treema op den "e": ëmfalen (DE "umfallen").
- "Ausgelaf" mat engem "a", well nom laange Vokal just ee Konsonant steet.

# 11/12: Ech sinn dat do iwwer ... gewuer ginn!

Ëmweeër

Ëmwee'er

Ëmweeer

Ëmweer

0

# Ëmweeër

- Vir kënnt en Treema, well "Ëm-" hei mat "Um-" iwwersat gëtt (DE "Umwege").
- Wann dräimol "e" hannereneesteet, kritt den "e" aus der onbetounter Silb en Treema: Wee + er = Weeër.
- Aner Beispiller: gëeenegt, Eeër.

# 12/12: Mäin Urgrousspapp huet en héijen Alter ...

erreegt.

erreecht.

erreescht.

0

# erreecht

→ D'Grondform ass "erreechen".

→ Den "ch" steet wéi am Däitschen: erreichen.

→ "Erreegen" ass en anert Verb.